

6366 Projet de loi relative à l'activité de Family Office et portant modification de : - la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier, - la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme

Rapporteur : Monsieur Gilles Roth

Haerr President,
Dir Damen an Dir Hären,

Haut stëmmen mer oof iwert den Gesetzesprojet betreffend d'Family Officen.

Eischtens : Waat ass ee Family Office ?

Et handelt sech dobäi em eng Entitéit, meeschtens ee klenge Betrieb, deen sech em d'Affären vun vermeigenden Famillen këmmert.

Wann ech soen 'sech em d'Affären këmmere', da kann daat ganz vielfälteg sin: esou, d'Immobilien verwalten, sech em Konschtsammlungen këmmere, kucken op dei richteg Assurancen oofgeschloss si gin, eng Schoul sichen fir d'Kanner...an awer natirlech och, sech em d'Vermeigen vun der Famill këmmere.

Dobäi kann et sech handelen em Suen bei enger Bank oder och em Bedeelejung vum der Famill am industriellen oder kommerziellen Beräich .

De Family Office geréiert d'Suen net selwer, ausser hien ass dozou befugt iwwert sein Statut. Esou agéieren verschidden Banken z.B och als Family Office.

De Family Office kuckt mat der Famill zesummen wei d'Suen sollen investéiert gin an bestëmmt eng Investissementstratégie.

Da sicht de Family Office dei Banken oder Asset Manager eraus dei sech am beschten auskennen an deenen jeweilegen 'classes d'actifs' dei zréck behalen goufen.

De Family Office vergläicht och d'Konditiounen tëschent deenen einzelnen Gestionnairen oder Assurance Gesellschaften an en sicht deen Beschten oder deen Preisgönschtechsten eraus.

De Family Office mécht d'Steiererklärungen vun der Famill, zesummen mat Steuerberooder an Affekooten.

De Family Office bekëmmert sech och oft em d'Gouvernance an der Famill : wéi zum Beispill d'Ierwschaften, d'Stëmmrechter an de Betriber.

Dir gesit also, dass dei Aktiviteit vun engem Family Office ganz vielseiteg ass. Si ass awer och duerch komplémentär zu der Aktiviteit vun der Vermeigensverwaltung, eng vun deenen 5 strategeschen Aktiviteiten vun eiser Finanzplaat.

Haerr President,

Zweeten Punkt. Mir hun haut ongefeier 60 Banken dei an der Vermeigensverwaltung tätég sin. Doniewent gin et awer och nach zirka 75 gérants de fortune-also Verméigensverwalter - dei Suen vun Klienten verwalten dei bei Banken deposeiert sin.

D'Gesamtsomme vun de Gelder dei an deem Beräich ugeluegt sin geet op zirka 300 Milliarden € geschaat.

Et ass also eng wichteg Aktiviteit vun der Plaat, dei et gelt ze stärken weinst den Arbechtsplazen awer och de Steierrechten dei se bréngt.

De Metier vun der Vermeigensverwaltung steet virun gewaltegen Erausforderungen.

D'Zënsen sin niddreg an d'Margen vun de Banken och.

Bei de Commissiounen get et och eng Pressioun no ënnen. Op der aanerer Seit klammen d'Käschten, ënnert aanerem duerch emmer mei umfangreich Kontrollen, Exigencen vun Fonds propres-also Eeegemëttel an och reporting Standarden.

Paralell dozou sin dei steierlech Konditiounen geännert fir d'Klienten vun eisen Banken.

Dei europäesch Quellesteier op Zënsen-am Ablack 35 %- gëtt et schon eng Zäit laang.

Derbäi kënnt den OECD Accord aus dem Joër 2009: wéi mir als Land op daer sougenannter groër Lëscht stungen.

Hei ass virgesin, fir Donnéen vu Klienten tëschent Steierverwaltungen auszetauschen – op Ufroof - an ënnert bestëmmten Konditiounen.

An demnächst get och nach Steierhannerzeihung –beim Steierbetrug der escroquerie fiscal ass dat schons de Fall- als délit primaire beim Wäisswäschen vun Suen- dem sougenannten blanchiment agefouert.

Et ass also kloer: mi sin an enger neier Welt ukomm an d'Bankgeheimnis ass haut fir auslaennesch Klienten ne mei ouni weideres opposable vis a vis vun der Steierverwaltung an daat ass och gudd esou.

Déi Situatioun huet elo schon dozou gefeiert – a féiert och nach iwert dei nächst 2-3 Joer dozou – dass Banken a Vermeigensverwalter hier Geschäftsmodeller änneren. Dei mei kleng Klienten waerten gréisstendeels verschwannen.

Mir müssen sécherlech och domat rechnen, dass nach dei eng oder aaner Bank hier Diiren zou mecht.

D'Banken versichen emmer mei Klienten ze fannen, dei mei héich Avoiren déposeiren.

Och versichen sie Klienten ze fannen an Regiounen wou mir traditionell net esou gudd vertraueden waaren: Russland, Mëttleren Orient oder Latäin-Amerika beispillsweis.

Deen neien Statut vum Family Office kann dem Secteur vun der Vermeigensverwaltung dobäi hëllefen hieren business modell emzustellen.

Wann et eis gelenkt dei Organisatiounen, dei sech em d'Suen vun deene räichen Familien këmmeren, op Letzebuerg ze zeihen, get et och eng berechtigt Chance unzehuelen dass dei Suen dei an denen Häiser verwalt ginn och hei bei eisen Banken plazeiert gin.

Ech wëll nach präziseiren dass mir hei nemmen den 'Multi-family office' viseiren mat eisem Gesetz.

Betreiber dei sech em d'Vermeigen vun enger eenzeger Famill këmmere, sin net betraff.

Schätzungen no, keinten et haut ongefeier 30 Multi-family offices gin zu Letzebuerg.

Bei eisem Gesetz geet et also drems den 'Multi-family office' zu Lëtzebuerg ze reglementeieren. Den Numm gëtt geschützt.

D' Opérateuren, dei dei Aktiviteet wëllen maachen, müssen een Agrément froen a gin och vun der CSSF-also eiser Bankenopsicht- iwerwaacht.

Reglementeiert gin allerdéngs nëmmen dei Aktivitéiten vum Family Office dei eppes ze din hun mat Gestiou vum engem Patrimoine financier.

Wann z.B. een 'Multi-family office' nëmmen géif services de conciergerie ausfeieren, da géif en nët ënnert dest Gesetz faalen.

Niewent deem eegene Statut vum Family Office, können awer och nach aaner reglementeiert Beruffer des Aktiviteet ausüben –zum Beispill Banken, Gérants de fortune, Reviseur d'entreprise, expert comptable, oder Notären an Affekooten.

Mir wëllen och Virreider an Europa sin mat desem Projet.

D'Aktiviteet vum Family Office gëtt bis elo just an den USA seit dem Dodd Frank Act (2010) réglementeiert, an och zu Dubai.

Eng Reglementatioun gëtt der Aktiviteet mei eng grouss Stabilitéit an och mei eng grouss Kredibilitéit a Sérieux vis à vis vum Klient.

D'Ambitioun ass, fir Letzebuerg ze positionneieren op dësem Créneau.

Mir wëllen hei een 'centre d'excellence' fir family office ze maachen, als Complément zur Aktiviteet vun der Vermeigensverwaltung.

Et ass och net auszuschléissen, dass des Aktiviteet eng Keier kéint reglementeiert gin op europäeschem Niveau. Da geif dei Aktivitéit och een europäesche Pass kreien. Doduerch dass mir haut schon gesetzlech aktiv ginn, hu mir d'Chance eis ze positionnéieren als meiglechen europäeschen Hub fir Family Officen.

Drëttens. Mir machen ee spezifesch Gesetz an et net just een Amendement vum Gesetz iwwert de Finanzsektor vun 1993.

Duerch een eenzegen kohärenten Text, gëtt dëst Gesetz mei iwersichtlech. D'Gesetz kritt och eng mei grouss Visibilitéit.

Daat mecht et och mei einfach d'Idi duerno am Ausland ze vermaarten.

Mir verzichten drop d'Notioun vun 'Family' ze definéieren. Daat ass naemlech ee Konzept deen an verschidene Kultur-Kreeser aanescht definiert get.

Duerfir muss een daat, vun Fall zu Fall, kucken.

Den Titel 'Family Office' get geschützt. Nëmme déi reglementéiert Beruffer dei am Gesetz opgezielt sin, daerfen dei Aktivitéit ausüben a kënnen dann hier Aktivitéit esou benennen.

D'Aktivitéit kann sech berufen op den secret professionell-also d'Berufsgeheimnis aus dem Finanzsektor.

Daat ass ee wichtegen Atout vum Statut an och ee Standuertvirdeel vu Letzebuerg.

D'Konfidentialitéit ass ganz einfach immens wichteg fir dei räich Familien.

Ech betounen ausdrecklech hei, Konfidentialitéit am Senn vun 'protection de la vie privée'-also dem Schutz vun der Privatsphäre.

Keen huet gaeren wann seng Verméigensverhältnissen op der Place publique ausgebreed ginn.

Mir schwetzen hei net vun Konfidentialitéit vis a vis vum Fiskus, wou Lëtzebuerg sech natierlech un seng international Verpflichtungen hält a mam Ausland kooperéiert op der Basis dei mer verabschiedt hun.

D'Verpflichtungen a Saachen Wäisswäschen vun Suen applizeieren sech och. Dat zielt och fir d'Affekoten déi d'Activitéit vun Family Office machen. Fir si gëtt et keng Extrawurscht.

Si kënnen sech am Kader vun der renger Family Office Aktivitéit net hannert den Secret vun der defense verstoppen.

Ginn dës Prinzipien vun dem Family Office gebrach spillen penalrechtlech Strofbestëmmungen.

De Gesetzesprojet gesäit och eng Transparenz um Niveau vun der Facturatioun vun den Servicer déi presteiert gin.

Och des Exigence vun der Transparenz ennersträcht de Serieux vum Projet. De Klient kennt am Virfeld de Präis deen hien dem Family Office fir seng Servicer muss bezuelen.

Dei Persounen dei haut schon esou eng Aktiviteit vun Family Office ausüben hun een Délai vun 6 Meint fir sech dem Gesetz unzepassen.

Haerr President,

dëst ass een wichtegen Gesetzesprojet fir nei Aktivitéiten op eiser Finanzplaz. Dofir hun mir drop gehalen dësen Projet nach virun Krëschtadaag ze stëmmen.

Ech verweisen fir de Rescht op mäin schrëftlechen Bericht an gin d'Zoustëmmung vun der CSV Fraktioun.

Ech soen Merci fir d'Nolauschteren.

Gilles Roth